FEDERATION LUXEMBOURGEOISE DES ARTS MARTIAUX

FLAM

Association sans but lucratif

Fédération Nationale agréée et reconnue d'utilité publique

Membre du Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois

Sous le Haut Patronage de Son Altesse Royale le Prince Louis

Stroossen, de 25.10.2020

Léif Veräiner a Member vun der FLAM,

Au vu vun der Entwécklung vun der aktueller COVID-19-Pandemie, der rezenter Erhéijung vun den Nei-Infektiounszuelen an der Pressekonferenz vun eisem Premierminister an der Gesondheetsministesch, recommandéiere mir Iech kee Risiko ze huelen an d'Veräinstraininger bis no der Allerhellege-Vakanz ofzesoen. Falls Dir Är Trainninger bäihale wëllt, rode mir Iech déi aktuell Reegelen vun der Regierung konsequent anzehalen.

Wéinst der aktueller Onsécherheet wat de Sport an eventuell „Sonderreegelunge" betrëfft, waarde mir gären d'Detailer of bevir mir alle Veräiner nei Recommandatiounen zoukomme loossen.

Et deet eis immens Leed, dass mir de Moment nach keng méi kloer Stellungnam huele kënnen, mee eis ass et wichteg all d'Donneeën ze kennen, ier mir eng Recommandatioun kënnen huelen, déi d'Sécherheet vun eise Membere beschtméiglech garantéiert. All zesummen sti mir an der Verantwortung eise Part dozou bäizedroen déi aktuell Situatioun ze bewältegen.

Mir soen Iech villmools Merci am Viraus vir Äert Versteesdemech a kommen am Laf vun der nächster Woch mat Recommandatiounen op Iech zeréck.

Mat beschte Gréiss,

Serge Schaul
President

voyages emile weber
éischtklasseg reesen

ASPORT
> sport + fashion + lifestyle <

FLAM - Fédération Luxembourgeoise des Arts Martiaux a.s.b.l.
3, route d'Arlon | L-8009 Strassen | Grand Duché de Luxembourg
Site internet: www.flam.lu | e-mail: sekretariat@flam.lu | Tél: 00352 49 66 11